Copie

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L. | C.C.P. 31324-90

Luxembourg/Hollerich
5, rue de la Déportation
Boîte Postale 2415
L-1024 Luxembourg

Luxembourg, le

# NATIONALKONGRESS

vun den

Enrôlés de Force-Victimes du Nazisme
am Centre Culturel zu Rëmëlèng
**Samsdeg den 9.Mai 1992.**

**P r o g r a m m**

14.00 Auer :Rendez-vous beim Square "Eis Jongen"(kuckt de Plang am nächste Sacrifié.)

14.15 Auer : Cérémonie beim Square,uschlèissend Cortège bis an de Centre Culturel.

14.45 Auer Ufank vum Kongress.

1. De President vum Büro gët den Départ vum Kongress.
2. Begrèissung vun den Invitéierten an den Delegéierten vum Kongress duerch de President vun der Sektioun Rëmëlèng.
3. Begrèissung vum Nationalpresident.
4. Rapport iwer d'Aktivitéiten vun 1991.
5. Rapport a Bilan vun der Caisse.
6. Rapport vun de Caisserevisoren.
7. Bestëmmung oder Wiel vun de Caisserevsoren fir 1993.
8. Propositiounen a Bestëmmung vun der Uertschaft,wou 1993 de Kongress ofgehale gët.
9. Komplementarwahlen fiir den Zentralcomité, et sin ze besetzen 3 vakant Mandater.
10. Referat vum Nationalpresident.
11. Discussioun.
12. D'läscht Wuert vum Nationalpresident.

Eng hallef Stonn Paus fiir sech ze erfrëschen.

18.00 Auer: Eirewäin am Centre Culturel,offréiert vun der Gemeng.

Begrèissung vum Rëmlënger Buergermääschter.
Auszäächnung vu verdingschtvolle Mèmberen mam Ruban en or resp. mam Ruban en argent.

KOMERODSCHAFT-SOLIDARITEIT-ENEGKET;

Copie

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L. | C.C.P. 31324-90

Luxembourg/Hollerich
5, rue de la Déportation
Boîte Postale 2415
L-1024 Luxembourg

Luxembourg, le 13.4.92.

# Z i r k l ä r

## un all Sectiounen.

De Nationalkongress vun der Associatioun E.F.V.N. as de 9 Mai92 um 14.00 Auer zu Remeleng am Centre Culturel, Grousssstrooss.
E stéit ënner dem Motto" 30 AUGUST 1942- 50 JOER ENROLE DE FORCE."
D'Komerode vun der Sectioun Remeleng hun d'Organisatioun iwerholl.
Wât d'Zuel vun äre Kongressdelegéiert ugeet, verweise mir op déi entspriechend Directiv am Bulletin "Les Sacrifiés ", Nr.1. 1984. Säit 8.
Den Zentralcomité riicht en Appell un iech, äre Sectiounsfändel matzebrengen, fir am Cortège a bei der Gedenkzeremonie beim Square "Eis Jongen ", derbäi ze sin.
Am Zentralcomité sin 3 Mandater fräi a mussen nei besât gin. (Art.15 vun de Statuten). Stellt w.e.g. är Kandidature schrëftlech bis den 1.Mai 92. (Art.19 vun de Statuten).
Wann är Sectioun wëlles huet um Kongress eng oder méi Motiounen ze présentéieren, mussen dës onbedengt 8 Deeg virum 9.Mai 1992 dem Zentralcomité viirleien, Gëtt dësen Délai nët respektéiert, kënnen d'Motiounen nët um Ordre du Jour vum Kongress figuréieren.
D'Réussite vum Kongress hängt zu engem groussen Deel vun de Sectiounscomitésmemberen a vun de Sectiounsdelegéierten of.
Haut wéi an der Vergângenhét, därfen Zesummenhâlen an Zesummestôen, grad wéi Frëndschaft a Solidaritéit am Krees vun den Enrôlées de Force, dennen hire Frënn a Gönner , keng eidel Wierder sin.
Et war zu allen Zeiten ongeheier wichteg an et bleiwt et och an Zukunft, datt déi Leit am Land, déi op eis kucken, gesin, datt mir eis verstinn an eis mat alle Mënsche verdrôe wëllen, wéi an de vergângene 5o Jôer.
EIS SACRIFIEERT GENERATIOUN ASS A MUSS E Ganzt bleiwen!!!!!!!!
Mir hâlen d'Erënnerung un déi sëllegen Doudeg vun dëser Generatioun waach an hëllefen een deem aneren, egal wéi a wou och ëmmer.
Déi bescht komerodschaftlech Gréiss soën iech d'Komerode vum

Zentralcomité.

# Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme

A. S. B. L.

Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
C.C.P. 313 24
Boîte Postale 2415
1024 Luxembourg-Gare

Luxembourg, le

R é s o l u t i o u n

D'Delegéiert vun der Association "Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme", versammelt de 9. Mee 1992 um Nationalkongress zu Rëmeléng, hun déi eenzel Berichter vum Zentral-comité guttgeheesch a

confirméiren de Comité a sénge Fonctiounen. Si versecheren him all Ënnerstëtzung an de Bemeihungen ëm d'Verdeedege vun den Enrôlés de Force hirer gemeisamer Cause;

bedaueren, datt villhonnerte vun eelere Matbierger, déi éleng a flegebedierfteg sin, nët amstand sin dezent ze liewen. Si fanne kee wiirdgen Ënnerdag, well et u Flegeheimer, Flegebetter a Flegepersonal feelt;

sin ongehalen iwwer déi schwéierfälleg Viirprozedur zum Bau vun deem moderne Geriatrie-zentrum op Houwalt (Lëtzebuerg);

verlaangen datt, wa fir manner noutwenneg Objekter, wéi Landesmuséum, Kultur- a Sport-halen uechtert d'Land, oder en iwwerdirwene Stroossebau, zeg Milliarde Frange bereet-gestalt gin, déi verantwortlech statlech Instanzen och dat néidegt Geld zur Verfüngung stellen fir de Gériatriezentrum op Houwald an datt direkt mam Bau ugefaange gët. Sollt dat nët de Fall sin da

fuerderen d'Enrôlés de Force déi puer honnert Milliounen, déi d'Bundesrepublik Däitsch-land Lëtzebuerg zur Dispositioun gestallt huet, z'investéiren an aner intégréiert Heemer fir eeler Leit, déi a nächster Zäit nach gebaut solle gin. Domadde soll déi veraccor-déiert Prioritéit fir d'Naziaffer op weider Flegeheimer ausgedehnt gin;

verstin nët wéisou e Gesetz wéi dat, wat de 27. August 1986 vun der Châmber gestëmmt gouf, après coup nët intregral op d'Eisebunner ugewand gët, déi Naziaffer a Krichs-geschiedechter sin;

ennerstëtzen den Zentralcomité an all aner Organisatiounen an hire Beméiungen, déi entstanen Härtefäll an Ongerechtegkeete vis-à-vis vun den Eisebunnerkomeroden ze beréngegen;

si ganz besonnesch opbruecht iwwer déi neierlech Form vu Nazissem an iwwer déi obskur Machenschafte vun Gruppen, déi déi verwerflechst vun alle politeschen Idiologiën propagéiren. D'Enrôlés de Force als haart Kämpfer géint de nazistesche Phénomène;

condamnéire énergesch den Neonaziën hir irresponsabel Akten, ganz egal ob ët sech zur Stonn nëmmen ëm eng Minoritéit handelt, déi dach awer grad esou schwaachsënneg wéi kriminell as;

fuerderen déi öffentlech Instanze vum Land op, besonnesch op de Krees vun den Neonaziën opzepassen, an him d'ganzt Gewiicht vum Gesetz géint de Rassissem ze spiire gin;

verlaange vun der Regirung eng ëmfassend Opklärung iwwer de Maastrichter Vertrag, am besonneschen awer iwwer dee Vertragstext, woumat de Nëtlëtzebuerger hei am Land d'aktivt d'Wahlrecht zougestane soll gin.

Rëmeleng, de 9. Mee 1992.

# Die Zwangsrekrutierten im Gespräch mit Gesundheitsminister Johny LAHURE

Zum zweiten Male innerhalb etlicher Monaten fand am 15. Januar d. Jahres eine Unterredung mit Minister Johny Lahure statt. Der Minister, assistiert von seinem Berater, Raymond Mousty, empfing unsere Delegation, bestehend aus den Kameraden Jos. Weirich, Nationalpräsident und René Didier, Vorstandsmitglied und Verwalter der Sozialdienststelle. Kamerad Benny Jacobs konnte dieses Mal krankheitshalber nicht dabei sein. Wie nach der ersten Unterredung abgemacht, wurde nun ein weiteres Mal über die von unserer Föderation unterbreiteten Forderungen gesprochen. Bekanntlich hatten wir Anfang September 1991 eine erste Zusammenkunft mit Minister Johny Lahure um unsere Forderungen anzumelden. Der Minister erbat sich damals eine gewisse Zeit, die es ihm erlauben würde, die sich aufdrängenden Berechnungen und die Auswirkungen eventueller Maßnahmen aufstellen zu lassen. So kam es zu dieser zweiten und wahrscheinlich letzten Unterredung in diesem Zusammenhamg.

Nach der obligaten Begrüßung ging man gleich zur Sache und zwar zu den Rentenbezügen unserer Kriegsblinden. Der Minister gab zu, daß ein Kriegsblinder in der Bundesrepublik Deutschland zirka 24.000 Fr. mehr erhält, trotzdem lehnte er die Forderung zwecks Anpassung dieser Rentenbezüge entschieden ab. Alles Drängen unsererseits war hier nutzlos. Eigentlich verwunderlich in einem Land in welchem, so wird jedenfalls behauptet, alles getan wird zwecks Herstellung sozialer Gerechtigkeit. Unsere zweite Forderung, die eine substantielle Erhöhung der Renten, die als Berechnungsbasis den amtlichen Mindestlohn haben, wurde ebenso abgelehnt mit der Begründung, daß hierbei alles in bester Ordnung sei. Heftige Wortgefechte waren daraufhin die Folge dieser ablehnenden Haltung in dieser skandalösen, ungerechten Gesetzgebung.

Kamerad Didier René, Gründungsmitglied der Kriegsversehrtenliga blendete zurück auf das Jahr 1950. Damals wurde am 25. Februar das Kriegsschädengesetz mit den Stimmen der Volksvertreter von CSV und DP verabschiedet, ein Gesetz, das in Sachen der Körperschäden nicht ungerechter sein konnte. Es sah nämlich vor, um die Sache einfach zu machen, daß Beschädigte mit kleineren Einkommen wenig erhielten und solche mit höheren Einkünften bekamen bedeutend mehr. Dieser Umstand hatte zur Folge, daß der damalige sozialistische Abgeordnete Jhängy Fohrmann am Schluße seiner Ausführungen wörtlich sagte: «Welche Reaktionnäre haben dieses Gesetz ausgearbeitet»? Bei der Gründung der Kriegsversehrtenliga wurde der damaligen Regierung ein Forderungskatalog vorgelegt in welchem eine einheitliche Rente für gleiche Arbeitsunfähigkeit verlangt wurde. In der Abgeordnetenkammer wurde daraufhin u.a. über diese Forderung debattiert. Alle hier vertretenen Parteien unterstützten unsere diesbezügliche Forderung und der Verfasser dieses Beitrages saß damals mit anderen Kriegsversehrten auf der Kammertribüne um diese für uns so wichtigen Debatten zu verfolgen. Alle waren wir damals, nach den Ausführungen der mandatierten Sprecher der politischen Parteien fest überzeugt, daß nun das ominöse Gesetz eine Änderung erfahren würde. Wie groß war die Enttäuschung als zum Schluß der Debatten der damalige Staatsminister Pierre Werner sagte: «Meine Damen und Herren! Sie haben Recht wenn Sie behaupten, das Kriegsschädengesetz wäre, was die Rentenbezüge anbelangt nicht besonders gut und sogar ungerecht. Vermeiden Sie aber mich hierfür verantwortlich zu machen. Ich war damals beim Votum dieses Gesetzes noch nicht Mitglied dieses hohen Hauses.» Damit war es aus mit unserem Traum und wir verließen enttäuscht das Gebäude. Etwas später wurde Unterzeichneter vom damaligen Vizepräsidenten der Regierung, Henri Cravatte beauftragt, ihm baldmöglichst eine genaue Erläuterung der Gesetzgebung zu besorgen, mit welcher die einzelnen Retenbezüge rechtlich behandelt worden waren. Nachdem dies geschehen war, bekamen wir postwendend folgende Antwort, ich zitiere: «Sie haben vollkommen Recht, wir können aber, und das tut uns enorm leid, nichts in dieser Angelegenheit tun, es sei denn, wir müßten bestimmten Leuten was wegnehmen». Uns lag es fern, irgendeinem Kriegsbeschädigten was wegzunehmen, wir wollten nur eine Aufbesserung der Mindestrenten. Und wir verlangen heute immer noch dasselbe. Alle anderen Behauptungen sind bewußt falsch und irreführend.

Wir hatten nun alle Möglichkeiten erschöpft und gaben resigniert den Kampf auf.

Als nun in letzter Zeit eine Rentenreform die andere jagte, kein Mensch aber jemals daran dachte auch mal die Renten des Kriegsschädengesetzes zu erhöhen, waren wir erneut gefordert und eben aus diesem guten Grunde wurden wir beim zuständigen Minister vorstellig. Auf dem sozialistischem Parteitag in Schifflingen wurde etliche Tage vorher viel von sozialer Gerechtigkeit gesprochen aber im politischem Alltag kann man recht wenig hiervon spüren. Wenn man aber glaubt, nach dem Ableben des letzten Kriegsversehrten, was nach etlichen Jahren der Fall sein wird, wären diese Probleme für immer gelöst, so sollte man bedenken, daß die Nachkommen der Versehrten diese Ungerechtigkeit bewußt erlebt haben und ebenfalls bei Gelegenheit dementsprechend reagieren werden.

Beim besten Willen können wir nicht noch mehr Einzelheiten dieses Gesprächs hier abdrucken. Zum Schluß sei aber hier noch festzu-

Musée de la Déportation Civile et Militaire

1. Ueberfall :

Einmarsch der deutschen Truppen in Luxemburg :

a) Grossbild
b) in Kleinbilder
   1. die Verordnungen "der verbleibenden Kammer"
   2. die ersten deutschen Verordnungen

2. Werbung aber kein Erfolg

a) Plakate
b) ............ ?

3. Die Verschleppung der Juden

a) Bild Bahnhof Hollerich
b) Bild Bahnhof Luxemburg

4. Der obligatorische RAD

a) Grossbild ?
b) Verordnung

5. Der obligatorische Wehrdienst

a) Grossbild der Kundgebung mit Gustov Simon
b) die Verordnungen

6. Der Streik

a) Mittelgrosse Bilder über Streikzenen
b) Die "roten Plakate"

7. Die Verschleppung

a) verschiedene Grossbilder Bahnhof Hollerich und Bahnhof Luxemburg
b) Verordnung über Sippenhaft (mittelgross)

8. Umsiedlung

a) verschiedene Grossbilder Bahnhof Hollerich und andere
b) kleinere Bilder aus der Umsiedlung

9. In der Wehrmacht

a) Refraktäre
   1) Bunker
   2) Ancises

b) Kriegsgericht

- 1) Moorlager
- 2) Sonnenburg

c) Kriegsgefangenenlager

- 1) Tambow
- 2) andere

10. Heimkehr

a) Mittlere Bilder

- 1) Bahnhof Luxemburg
- 2) Tambower Ankunft

11. Die geopferte Generation

a) Ligue "Ons Jongen" Protestmärsche
b) Einschlagen der Fenster
c) Das "Dommage de Guerre " Gesetz 1950

12. Die Gründung der Fédération

a) Der Anstoss: Deutsch-Luxemburgische Reparationsvertrag
b) Aktion Comité
- 1) Bilder
- 2) Plakate über Aufklärung und Gründungsversammlungen

c) Statuten
- 1) der Fédération
- 2) der Association
- 3) der Elternvereinigung
- 4) LLMIG
- 5) Survivants

13. Der "Kampf" der Fédération

a) Grossbilder der Manifestationen
b) Mittelbilder der verschiedenen "Journées"

14. Erfolge

a) Médaille de la Reconnaissance Nationale
b) Alle Bilder der lokalen Gedenkstätten
c) Kanounenhiwel
- 1) Kreiz
- 2) Grossbild : Journée Kanounenhiwel mam Kreiz
- 3) Monument
  - maquette
  - Mittelgrossbild
  - Einweihung Mittelgrossbild

d) Gesetz 1967
e) Gesetz 1975 (complément diff)

15. Wahlkampagne

    a) Kandidaten
    b) die Erfolge
    c) die Gesetze von 1981

16. Der Bahnhof Hollerich

    a) Grossbild früher
    b) Grossbild jetzt

P.S. Kein Dokument kleiner als 42 x 39 cm.